N°1013
Entrée le 16.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1013 vum 16. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. *Firwat goufen hei net fréizäiteg méi Ressourcen zur Verfügung gestallt, wëssend dass d'Demande zënter Joren erop gaang ass, fir esou laang Waardezäiten ze vermeiden?*

2. *Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir méiglechst séier d'Diagnostikkapazitéiten ze erhéijen?*

Déi aktuell Regierung ass sech der Hausse vun der Demande an de laange Waardezäite bewosst. Zesumme mat den Acteuren um Terrain gi momentan Léisungen ausgeschafft fir d'Diagnosen an den néidege Suivi vun alle Stéierunge vum Neurodéveloppement auszebauen a besser ze koordinéieren. An deem Sënn wäerten déi néideg Ressourcen zur Verfügung gestallt gi fir der steigender Demande nozekommen an d'Waardezäiten ze reduzéieren. Esou bal dës Adaptatioune finaliséiert sinn, wäert den Detail kommunizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 16. August 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez